N° 6222
Reçue le 22.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6222 vum 19. Mee 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Fro 1

D'Enquête vun dem Conseil de la Concurrence weist datt déi ëffentlech Bauhären vill op extern Experten, also Bureaux d'études zeréckgéifen fir hir Projeten ze realiséieren, dat fir bei der Realisatioun vun den Bauprojeten ze hëllefen. Dobäi ass et variabel wéi vill Aufgaben des Experten iwwerhuelen. Generell ass et esou datt d'Personal vun den Verwaltungen net eleng Bauprojeten begleeden kann, an dat vum point de vue Aarbechtsopwand a vum point de vue vun den technesch deelweis ganz komplexen Ufuerderungen.

D'Zuelen aus der Enquête vum Conseil de la Concurrence ginn en Iwwerbléck vun der Situatioun zu Lëtzebuerg, och wann d'Enquête net onbedéngt ganz representativ ass opgrond vun engem relativ klengen Echantillonnage. Et sinn ëmmerhin just 100 Dossieren am Detail gekuckt an 25 Acteuren vum Secteur vun der Constructioun gefrot ginn.

D'Enquête vum Conseil spigelt erëm dass et zu Lëtzebuerg e puer grouss Büroen ginn déi dann och méi Opträg hunn, dëst well se duerch hir méi grouss Mataarbechterunzuel och méi Ressourcen a Kompetenzen hunn fir méi gréisser oder komplex Projet'en ze geréieren.

Wéinst der ëmmer gréisserer Komplexitéit vun den Aarbechten ass et normal datt d'Büroen wuessen an sech och alt zesummendinn fir datt d'Personal sech kann spezialiséieren.

De Risiko vum Oligopol ass u sech net wierklech ginn, et muss een sech bewosst sinn dass et vläicht deelweis manner, dowéinst awer méi grouss Büroen ginn, déi doduerch awer déi néideg Kompetenzen fir grouss Projete hunn.

D'Konditiounen an de Kontrakten respektiv an den Ausschreiwungsdossieren garantéieren datt d'Missiounen genee festgeluecht sinn, an d'Büroen sech net kënnen um Steierzueler beräicheren.

Op Appel à candidaturen mellen sech ëmmer eng grouss Zuel vun Büroen, als Beispill kann een ernimmen, dass op e rezenten Appel à candiadtures bei der Verwaltung fir ëffentlech Bauten ronn 30 Architektebüroen, jeeweils eng Dosen Ingenieursbüroen am Génie civil an och an der Technik gemellt hunn, wat kloer weist dass Konkurrenz um Marché ass.

Fro 2

Wéi an der Enquête vum Conseil de la Concurrence präziséiert gëtt, gebrauchen d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten an Ponts et Chaussées Contrats-Type fir d'Architekten, fir d'Ingénieurs-conseils en génie civil an fir d'Ingénieurs-conseils en génie technique. Dës Kontrakten gi reegelméisseg aktualiséiert, esou datt se den Ufuerderungen vun den aktuellen Projeten a Chantieren entspriechen. Sie gesinn och Responsabilitéitsclauselen vir, esou dass d'Büroen och am Kader vun Feelplanungen mat zur Rechenschaft gezunn kënne ginn.

Froen 3 an 4

Am Moment ginn keng Statistiken gemaach wéi vill Aarbechter d'Entreprisen beschäftegt hunn déi ëffentlech Opträg kréien. Eng ganz grouss Majoritéit vun Bauprojeten, ginn awer „par corps de métier" ausgeschriwwen, esou datt d'Entreprisen direkt kënnen bei Soumissiounen eng Offer ofginn, ouni datt si mussen als Sous-Traitant an enger Entreprise générale schaffen.

Froen 5 a 6

Et gëtt natierlech och d'Méiglechkeet sech zu e puer Entreprisen zesummenzedoen, och wann et nëmmen een Corps de métier ze exekutéieren gëtt, an deem Fall ass et ganz verbreet datt d'Entrepreneuren eng Offer als Association momentanée ofginn, wou se solidaresch haftbar sinn.

D'Resultater vum Conseil de la Concurrence senger Enquête bestätegen dohier datt et nëtzlech ass, d'Bauprojeten mat Soumissiounen par corps de métier auszeschreiwen, och wann dat administrativ an organisatoresch opwändeg ass.

Dëst entsprécht och der lëtzebuerger Situatioun am Bausecteur. Mir hunn keng grouss Traditioun an der Entreprise générale wéi dat an munch Nopeschlänner de Fall kann sinn. De Rapport vum Conseil de la Concurennce bestätegt an sengen Conclusiounen dass dat haut schonn bei wäitem respektéiert gëtt.

Fro 7

Effektiv ginn eng grouss Majoritéit vun Zouschléi op Basis vum beschten Präis gemaach, mee och Critèren wéi d'Qualitéit vun den Aarbechten d'Durabilitéit gin berécksiichtegt; , si ginn haaptsächlech um Niveau vun den techneschen Exigenzen an den Cahiers de charges virgeschriwwen an duerch eng Bauleitung kontrolléiert.

Fro 8

Wat d'Travailleurs détachés ugeet ass ze preziséieren datt all gréisser ëffentlech Ausschreiwung muss europawäit publizéiert ginn, esou datt et evident ass datt och auslännesch Entreprisen Offeren ofginn. De fräien europäeschen Marché gesäit dat jo och vir, an et ass normal datt eng Entreprise an engem aneren Land Opträg unhëlt. Wann awer den Präis vun den Offeren anormal niddreg ass, dann freet den Bauhär Explikatiounen an ecartéiert d'Offer wann sech sollt erausstellen datt Sozial- an Aarbechtsnormen net respektéiert ginn. Och d'ITM ass ganz present um Terrain fir do déi néideg Kontrollen ze maachen.

Fro 9

An de Conclusiounen vum Rapport ginn eng Rei Usätz ugeschwat, déi mat de verschiddenen Acteuren diskutéiert an analyséiert mussen ginn. Verschiddener sinn allerdéngs net ganz séier an einfach ëmzesetzen; sou gëtt z.B. bei de Conditions minima de participation recommandéiert déi erof ze setzen. Hei sollt een bedenken dass des Critères awer och do sinn fir d'Firmen selwer ze schützen an ze assuréieren dass d'Entreprisen déi néideg Capacitéit a Standhaftegkeet hunn fir d'Aarbechten kënnen ze maachen a bei eventuellen Problemer net direkt a finanziell Enkpäss kommen.

Et sief nach bemierkt datt d'Problematik vun der Materialknappheet, déi och an der Enquête opgeworf ginn ass, vun der Regierung genee verfollegt gëtt, an dann den 31 Mäerz 2022 an dësem Kader eng Kommunikatioun vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten erausgaangen ass, déi Recommandatiounen liwwert wéi déi verschidden Acteuren sech optimalerweis an dëser schwiereger Situatioun verhalen sollen.

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch